déi Lénk

*Pressecommuniqué*

*COP27 zu Sharm El-Sheikh*

# Setzt de Kapitalismus op d'Dagesuerdnung!

*2022 war bis elo dat schlëmmste Joer wat d'Auswierkunge vun der Klimaverännerung ugeet. Getraff goufe wéi sou oft déi äermste Länner am Süden, mee och an Europa weisen sech d'sozial Ongläichheeten ëmmer méi duerch de Prisma vun der Klimaverännerung. Zu Sharm El-Sheikh sëtzen elo op Invitatioun vun engem repressive Regime d'StaatelenkerInnen a VertriederInne vu grousse Betriber a vun ONG'en zesumme fir iwwer de Klimaschutz ze verhandelen.* D'COP'en ginn ëmmer méi lächerlech Veranstaltungen. D'COP27 fënnt an Ägypte statt wou de Regime äusserst repressiv virgeet mat CocaCola als Haaptsponsor : Greenwashing a sénger rengster Form. *Vill Entscheedendes wäert dobäi net erauskommen. Am Virfeld vun dëser COP goufen d'Erwaardungen deementspriechend schonn erofgespillt andeem vun enger Transitiouns-COP geschwat ginn ass. D'Klimakatastroph léisst awer längst keng esou Aussetzer méi zou.*

D'UNO huet d'Rechnung gemaach : fir d'Äerderwiermung op 1,5°C ze beschränke mussen d'Zäregasemissioune bis 2030 géigeniwwer 2010 em -45% reduzéiert ginn**.** Dat wat d'Staate bis elo vu Pläng virgeluecht hunn féiert dogéint zu enger Steigerung vun den Emissiounen em +10% bis 2030. Dës Entwécklung bei den Zäregasemissioune wäert zu enger Erhéijung vun der duerchschnëttlecher Temperatur op der Äerd em 2,4°C bis 2,8°C féieren, ënnert der Bedingung awer, dass déi annoncéiert Engagementer awer och tatsächlech ëmgesat ginn. **Et geet an déi komplett falsch Richtung.**

D'UNO huet d'Staaten deementspriechend virun dëser COP dozou opgefuerdert hir Engagementer beim Klimaschutz eropzesetze fir d'Fënster fir d'1,5°C Zil sou laang wéi méiglech nach opzehalen. D'EU an domat och Lëtzebuerg hunn dëst awer net gemaach. Lëtzebuerg fält am Engagement dann och zréck (-55% CO2-Ausstouss bis 2030) wärend Länner wéi Däitschland (-65%) an Dänemark (-70%) hir Ziler awer däitlech verschäerft hunn. **D'Lëtzebuerger Regierung ass beim Klimaschutz also wéineg ambitiéis an iwwerzeegend**, och wann se ëmmer eppes aneres behaapt.

De grousse Verhandlungspunkt zu Sharm El-Sheikh ass d'**Klimagerechtegkee**t. Heibäi geet et an éischter Linn em d'*Loss and Damages*, also d'Entschiedegungen, déi virun allem Staaten am globale Süde beusprochë fir irreversibel Schied, déi d'Klimaverännerung an dëse Gesellschafte verursaacht. Bezuelt gi sollen des Entschiedegunge vun de Verursaacher vun den Zäregasemissiounen. Op der Brems stinn hei déi räich Staaten, dorënner d'EU an d'USA an dat aus guddem Grond: si schützen **déi grouss Petrolsmultinationalen ExxonMobil, Shell, TotalEnergies a co. déi historesch fir 70% vun den Zäregasemissioune verantwortlech sinn**[1] a soumat all Joer Entschiedegungen a Milliardenhéicht misste bezuelen.

**Fir déi Lénk ass d'Klimagerechtegkeet déi zentral Fro, net nëmmen tëscht de Staaten, mee och tëscht de soziale Klassen innerhalb vun de Staaten**. Eng rezent Etüd vun Oxfam[2] weist zurecht drop hin, dass et déi international Klass vun de ganz Räichen ass, déi am meeschte polluéiert an déi och

---

[1] https://www.cdp.net/en/articles/media/new-report-shows-just-100-companies-are-source-of-over-70-of-emissions

[2] https://oxfamilibrary.openrepository.com/bitstream/handle/10546/621305/bn-carbon-inequality-2030-051121-en.pdf

ëmmer méi polluéiert. Déi räichst 1% wäerte Stand haut am Joer 2030 fir 16% vun de globalen CO2-Emissioune verantwortlech sinn. Innerhalb vun dësem 1% ginn et natierlech och déi Superräich mat de Villen an de Yachten, déi d'Ongläichheeten ëmmer méi grotesk maachen. **Des sozial Ongläichheeten dreiwen d'Äerderwiermung staark mat un a musse bekämpft ginn.**

D'COP27 wéi hir Virgängerinne wäert dat natierlech net thematiséieren. Dat ka se och net, wëll international Wirtschaftsbezéiungen, de Welthandel an d'Finanzflëss ausgeklammert sinn. De Kapitalismus ass zu Sharm El-Sheikh net op der Dagesuerdnung.

Lëtzebuerg, den 9 November 2022